N°110
Entrée le 16.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°110 vum 14. Dezember 2023 vum den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen.**

1. **Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu deem Dossier elaboréieren a preziséieren, wéi hien zu deem uewen zitéierten Avis vum Staatsrot steet?**

Nodeems ech mir ee Bild vun deem Dossier gemaach hunn, kann ech net bestätegen, dass, sou wéi et am Ufank vun der parlamentarescher Fro affirméiert gëtt, déi extern Mataarbechter vum Sportlycée jorelaang ouni legal Basis bezuelt gi sinn. Wuel huet déi legal Basis mam Akraafttriede vun der Modifikatioun vum 2005ter Sportsgesetz op de 15. September 2023 gewiesselt - dëst heescht awer net, dass et virum 15. September 2023 keng legal Basis gouf. Déi legal Basis, fir dass déi extern Mataarbechter vun de Formatiounszentere vun de Federatiounen zënter 2001 bezuelt konnte ginn, war effektiv den Artikel 13 vum 1988er Gesetz iwwert déi administrativ Struktur vum Sport hei zu Lëtzebuerg.

Well mat der Schafung vum INAPS duerch d'Gesetz vum 29. Juli 2023, den Artikel 13 vu besotem 1988er Gesetz op den 30. September 2023 awer abrogéiert ginn ass, ass mat enger Modifikatioun vum 2005ter Sportgesetz op de 15. September 2023 eng nei legal Basis geschaf ginn, fir déi extern Mataarbechter vun de Formatiounszentere vun de Federatioune weiderhi kënnen ze bezuelen.

Zum Zäitpunkt vun dem besote Dossier wor ech nach net an der Funktioun vum Sportsminister, mee méng Matarbechter, respektiv d'Matarbechter aus anere Ministère, hu sech mat de Kompetenze vun der *Direction du contrôle financier* (DCF), déi laut dem Gesetz vum 8. Juni 1999 d'Kontroll vun den staatlechen Ausgaben sécherzestellen befaasst. Heiraus geet ervir, dass ënnert anerem d'Vérifikatioun vun der Konformitéit vun den Ausgaben mat de Gesetzer, Reglementer, Konventiounen oder aaneren Regierungs- oder Ministerentscheedungen zu den Kompetenzen vun engem "contrôleur financier" gehéiert.

Op Basis vun all deenen Elementer, schléissen ech, dass et zu all Moment eng legal Basis gouf, fir besote Mataarbechter ze bezuelen.

2. **Wat gesäit den Här Minister vir, fir dës Situatioun méiglechst séier ze régulariséieren, fir eng Widderhuelung vun dëser onméiglecher Situatioun fir d'Sportspersonal onbedéngt ze vermeiden?**

Ech wëll op dëser Plaz ënnersträichen, dass de Staatsrot a sengem Avis wuel Remarque gemaach huet - dës Remarquen awer net zu enger opposition formelle gefouert hunn. An deem Sënn wäert d'Reform vum 2005ter Gesetz och net iwwert de Knéi gebrach ginn an ech wäert mir déi néideg Zäit zougestoe fir besote Projet mat där néideger Qualitéit op den Instanzewee ze schécken.

**Lëtzebuerg, de 16 Januar 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo